

Fédération Luxembourgeoise de Marche Populaire asbl



N° registre de commerce : F1749

Membre du Comité Olympique et Sportif Luxembourgeois (COSL)
Membre de la Fédération Internationale des Sports Populaires (IVV)
Membre de la Fédération Européenne des Sports Populaires (EVV)



B.P. 56 · L-9201 Diekirch · Internet: www.flmp.lu · e-Mail: info@flmp.lu · GSM: 691 302 687
compte bancaire N°: CCPLLULL LU90 1111 0469 4089 0000

Ref. : FLMP-2017-140

Newsletter 2 / 2017

Juni 2017

Kalenner 2018

Nodeems um Kalennerkongress déi verschidden Datumer festgeluecht gi sinn, siche mir nach ëmmer no engem Veräin fir d'Organisatioun vun der Journée Nationale vum Nordic-Walking.

Folgend Datumer sinn nach fräi fir 2018: Ouschtersonndeg, den 1. Abrëll, Dënschdeg, den 1. Mee, de Sonndeg, 2. September, Sonndeg, den 18. November, Sonndeg, de 16. Dezember a Sonndeg, den 23. Dezember 2018.

Folgend Datumer si fir de Yuppi-Walk 2018 zréckbehale ginn: 28.04. Léiler (Cactusbësch) – 13.05. Jonglënster – 05.08. Ettelbréck (Cactusbongert) – 15.08. Konsdref – 01.09. Journée Nationale Coque Kierchbierg – 23.09. Veianen. Mat dese Veräiner maache mir fir d'nächst Joer eng Konventioun, wou déi verschidde Konditioun fir d'Organisatioun vun engem Yuppi-Walk schrëftlech festgehale sinn.

Eng nei Editioun vum PW-Bus ass fir den 30. Juni 2018 geplangt.

Eise Kalenner geet den 30. Juni an den Drock.

Superdreckschécht

D'Lëtzebuurger Wandersportfederatioun huet elo offiziell de Label vun der Superdreckschécht kritt. Domadder weise mir, datt mir och bei eisen Organisatioune wëllen ëmweltbewusst schaffen.

Mir maachen en Opruff un all eis Veräiner, fir bei hire Wanderungen ze versichen, den Offall esou vill wéi méiglech ze trennen a wa méiglech ze recycléieren. Dëst soll net nëmmen am Sall sinn, mee och op alle Kontrollen. Dofir kënnen z.B. verschidde Poubellen dohinner placéiert ginn fir Restmüll resp. fir recycléierbaren Offall.

Neie Sponsoring

No 6 Joer Zesummenaarbecht mat eisem Sponsor Voyages Emile Weber hu mir dësen auslafende Kontrakt net méi erneiert.

Ab dem 1. Juli 2017 gi mir eng nei Partnerschaft an mat Voyages Sales-Lentz. An de nächste Wochen wäerte mir iech méi Detailer kënnen presentéieren, ënner anerem och e Programm fir d'Rees op déi nächst Europiade am Mee 2018 a Sizilien.

Fotobänk

D'FLMP huet en Deel Fotoen opkaaft resp. selwer an eng Fotobänk gesat, déi iwwert eis Internetsäit ze fanne sinn. All dës Fotoe kënnen benotzt ginn fir eng méi flott Gestaltung vun de Flyeren. D'Veräiner kënnen sech dës Fotoen, déi all mat engem Waasserzeeche presentéiert ginn, ukucke goen an se dann iwwert d'FLMP-Sekretariat am Original bestellen. Da kréien si d'Originalfoto ouni Waasserzeeche geschéckt. Dësen Service ass gratis fir all eis Memberveräiner. Dofir däerfen dës Fotoen och nëmme fir dësen Zweck benotzt ginn. D'FLMP huet all Rechter op dës Fotoen an de Mëssbrauch dovunner kann eng Plainte mat sech bréngen.

E Link op eiser Internetsäit bréngt iech direkt bei d'Auswiel vun dese Fotoen.

IVV- a Veräinsstempelen op eise Wanderungen

Schonns ëfters ass et zu Diskussiounen komm, wann eng Persoun e Stempelheft virgeluecht huet ouni eng Startkaart ze presentéieren.

Den IVV-Stempel gëtt emol pro Startkaart verginn an deene verschiddene Wäertungen. E Wanderer, den den Tour eng zweete Kéier wëll goen an dofir och erëm en IVV-Stempel wëll hunn, muss dofir eng nei Startkaart kafen.

Persounen, déi **de Veräinsstempel** wëllen hunn mussen och eng Startkaart presentéieren. Wann e Stempel gemaach gëtt fir d'Präsenz oder d'Participatioun un enger Wanderung ze justifizéieren, da **muss och dofir eng Startkaart kaaft ginn.**

Journée Nationale de la Marche Populaire 2017 zu Biekerech

Dëst Joer organiséiere mir fir d'leschte Kéier eis Journée Nationale zu Biekerech. Wéi och déi Jore virdrun si mir erëm frou, wa mir d'Hëllef vun eise Veräiner an hire Memberen kréien. Also, zéckt net fir iech ze mellen, wann dir eis wëllt eng Hand mat upaken.

Mir wäerten och dëst Joer erëm e flotte Programm op der Plaz ubidden an hunn och schonns erëm verschidden Attraktiounen fir Grouss a Kleng preparéiert. Reservéiert iech also dësen Datum a kommt bei eis op Biekerech.

Moosnamen am Fall vu grousser Hëtzt

Elo an de Summerméint kënnt et ëmmer erëm mol vir, datt mer am Laf vum Dag op Temperaturen iwwer 25 an 30 Grad kommen. D'Organisateuren vu Wanderungen si gebieden, an dësem Fall op hire Strecken, wa méiglech, zousätzlech Plazen virzegesinn mat Waasser. Bei grousser Hëtzt solle mer eise Wanderer net zoumudden, grouss Strecken mussen ze trëppelen ouni ze drénken.

Verwaltungsrot vun der FLMP

Am Abrëll 2017 huet de Verwaltungsrot vun der FLMP d'Demissioun vun sengem Member Charles Pauwels ugeholl, deen aus perséinleche Grënn net méi kann an dësem Gremium matschaffen.

De Verwaltungsrot seet him Merci fir säin Asaz fir eise beléifte Wandersport.

Well dëse Posten elo vakant ass, wäere mir frou, wann sech eng nei dynamesch Kandidatin oder e neien dynamesche Kandidat géif mellen, déi bereet sinn, besonnesch am Beräich Jugendarbecht matzeschaffen. Dës Kandidatin oder dëse Kandidat kann an dësem Fall kooptéiert ginn a bei der nächster Generalversammlung confirméiert ginn.

Kandidaturen sinn un d'FLMP-Sekretariat ze adresséieren.

Mir soen iech elo schonns e grouse Merci, datt dir all är Memberen iwwert dës Newsletter informéiert, dëst am Kader vun eiser Aktioun „Kommunikatioun am Veräin“.